# NEU

20.04.2020




EDITIONS SCHORTGEN

**www.editions-schortgen.lu**

B.P. 367
L-4004 Esch-sur-Alzette
editions@schortgen.lu

**GLEEF NET, WAT D' FRÉIJOER DER VERSPRÉCHT**

**Joseph KAYSER**

Format: 12,5 x 20,5 cm, Paperback
Seiten: 132
Sprache: LUX

ISBN: 978-99959-36-92-1
16,50 €

Den Arthur Schimberg ass Archivist an der Filial vun enger däitscher Bank. Wéi déi decidéiert, hire Site zu Lëtzebuerg zouzemaachen, muss hien all d'Dokumenter archivéieren, déi nach an de Këschten am Keller leien. Dobäi kënnt hien enger Rei Ongereimtheeten op d'Spuer.

Verschidde Geheimdéngschter ginn op hien ugesat, fir erauszefannen, wou dat Kapital elo ass, dat am Zweete Weltkrich verschwonnen ass.

Grad an deem Moment léiert den Arthur d'Marie kennen, där hiert Schicksal op eng onerwaart Manéier mat de Machenschafte vun där Bank verbonnen ass. Leider ass si stierweskrank, an den Arthur Schimberg muss schnell reagéieren, wann hien hir nach e leschten Déngscht wëll erweisen.

*

Den Auteur gëtt 1964 zu Izeg gebuer, wou en seng Kandheet a Jugendzäit verbréngt. Zanter 2008 lieft de Joseph Kayser zu Koplescht. Als fräie Mataarbechter schreift a fotograféiert hie Mëtt der 1980er Jore fir d'Lëtzebuerger Press. Hie mécht Iwwersetzunge vu Konschtbicher a schafft och eng Zäit als Rédacteur/ Concepteur vu Reklammen. Säin éischt Buch „Prinzessin Charlotte" veréffentlecht den Auteur 2017 bei den Editions Schortgen. Duerno kommen am nämmlechte Verlag déi zwee Titelen „D'Bomi ass dout" an „De Mann, deen ëmmer laacht" eraus. Mat „Gleef net, wat d'Fréijoer der versprécht" läit elo de véierte Roman vum Auteur op Lëtzebuergesch vir.